pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Christian WELTER
Gemengeconseiller

43, avenue de la Gare

L-4873 LAMADELAINE

Referenz :2022.52012.SECR

Péiteng, den 15. Juli 2022

Betreff: Är Froe vum 17. Juni 2022
(den Dossier gëtt beaarbecht vun der Madamm Adèle Schaaf- Tel. : 50 12 51 – 3010)

Här Christian Welter,

Per E-Mail vum 17. Juni hutt Dir dem Schäfferot folgend Froe gestallt :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

An der Sitzung vum 28ten Februar 2022 huet de Gemengerot de Morcellement vum Lotissement 1347/7679 an der Rue Pierre Hamer zu Péiteng gestëmmt, fir do déi dringend néideg nei Maison Relais ze bauen, wat mir begréissen. Wéi an engem Schreiwes un den Ëmweltministère ervirgeet, handelt et sech bei dëser Platz ëm ee grousse Biotop an engem Fiichtgebitt, wat duerch de Bau vun der Maison Relais zerstéiert géif ginn. Déi Zerstéierung misst op anere Plaze kompenséiert ginn.

Esou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wéilt ech lech folgend Froe stellen;

1. Wou fannen déi Kompensatioune statt? Fir wéini sinn se geplangt?
2. Ass et méiglech, de Biotop deelweis z'erhalen an an de Bauprojet matanzebannen?

Mat Respekt,
Christian Welter
Gemengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op är Froen :

Här Welter,

1. Wat d'Kompensatiounsmesure betrëfft, do verlaangt de Ministère datt e puer „eenheemesch" Beem op der Spillplaz déi am Kader vun dësem Projet geplangt ass geplanzt musse ginn, dës Beem mussen e Mindestdiameter vu 10 cm hunn. Ausserdeem soll en Deel vun den Diecher begréngt ginn.

Dësweidere muss d'Südsäit vun der néier Maison Relais eng vegetal Struktur kréien, eng vertikal Begréngung a Form vu Kletterplanzen, Direktbegréngung op der Fassade an/oder Spaléierplanzen.

Weider ekologesch Moossname wéi zum Beispill d'beschtméiglech Erhale vun der Waasserduerchlässegkeet vun de Revêtementer an d'Realisatioun vun Dréchemauere sinn och an der Etude anaylséiert ginn a sollen an de Projet integréiert ginn.

Dës Moossname mussen zäitlech parallel zum Bau ëmgesat ginn an et muss e Büro d'études chargéiert ginn, deen dës Moossname validéiert. Doriwwer eraus muss en Entretien vun dëse Mesure fir mindestens 25 Jore garantéiert ginn.

D'Gemeng huet eng Taxe vun 63.308,00 Euro bezuelt fir d'Oekopunkte vun dësem Biotop ze kompenséieren.

2. Et handelt sech ëm e gréissere Biotop, woubäi dee wäertvollen Deel, d.h. deen Terrain deen hannert dem Site vun der néier Maison Relais läit, erhale bléift.

Den Ëmweltministère huet der Gemeng Péiteng an der Autorisatioun vum 15. Februar 2022 erlaabt fir de „Biotop", dat heescht de Bësch, ënnert gewësse Konditiounen ewech ze huelen.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 23 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000 Fax: 50 12 51-2000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925 N° fiscal: 00005132118